

# d'Peffermillen

Dem Koschter as zu Oure komm, dass a läschter Zäit öfters op Härendescher vu sängen Artikelen a Synodeninterventiounen rieds gong. En as frou, dass "forum" duerch esou Gespréicher bekannt gemat gët. En hofft, dass jo keen do matried, deen d'Artikelen nët selwer gelies huet. E wär awer nach méi frou, wann di betreffend hir Kritiken an d'Sakristei soe kéimen (od. schécke géifen), fir dass "forum" nach méi eng pluralistesche Ausrichtung krit.

m.p.

Op Grond vu senger Notiz am läschte "forum" as de Koschter nach muench Aneres an der Affär Helzener Klaus gewuer gin. Den Helzener Paschtouer hat nämlech proposéiert, an sugger säng Porkanner iwerzeegt krit, fir den Altoer während enger Iwergangszäit vun 20 - 30 Joer der Kathedral ze léinen, di anscheinend géint Abréich geséichert as. Bëschof a Bistumsverwaltung, grad wéi de Ministère des Affaires culturelles wore wi 't schénge begehrtet vun deem Viirschlag. Mä e puer Deeg mi spéit huet de Paschtouer missen alles zrëckzéien: Di Staadter sollen eng Konkurrenz fir "hiert" Gnodebild vun der Tréischterin gefaart hun, well den Helzener Altor mi schéi wir! Mam Gnodeverständnis an der Lëtzebuerger Kierch schénge et nach vill méi ureg ze ston, wi den Här Jupp Wagner dat aus der Synodenenquête erausgelies huet!

m.p.